**Fédération des Victimes**
**du Nazisme Enrôlées de Force** a. s. b. l.

REPRÉSENTANT: L'ASSOCIATION DES PARENTS DES DÉPORTÉS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS
LA LIGUE LUXEMBOURGEOISE DES MUTILÉS ET INVALIDES DE GUERRE 1940-45 - L'AMICALE
DES ANCIENS DE TAMBOW - L'ASSOCIATION DES ENRÔLÉS DE FORCE VICTIMES DU NAZISME

Organe officiel:
**„Les Sacrifiés"**
Bulletin mensuel

Boite postale No 2415
LUXEMBOURG-GARE

Compte chèque postal No 3 13 29

Luxembourg, le 06 Nov. 1974
9, rue du Fort Elisabeth

Ligue Luxembourgeoise des Mutilés
et Invalides de Guerre 1940 - 1945

5, Rue du Cimetière
L U X E M B O U R G / Bonnevoie

Komeroden!

An der Assemblée Générale vun onser Fédératioun, den 20. September 1974 , hun d'Déléguéiert d'Haltung vun der Ligue Luxembourgeoise des Mutilés et Invalides de Guerre 1940-1945 géintiwer der Fédératioun an verschiddene Ponkten diskutéiert. De Fédératiounscomité gouw zu Enn vun den Debatten chargéiert, de Comité vun der Ligue schreftlech ze kontaktéieren an en ze froen, wéi hien sech zu dém stellt, wât hei hannendrun opgefouert ass. An enger éventueller Assemblée Générale extraordinnaire sollt dann versicht gin, Onklôrhéten an Mësstänn ze éliminéieren, fir osou nés eng kloër Situatioun ze schâfen.

Fir d'alleréischt ass ze ennersichen, wât fir Ursâchen d'Comitésmemberen vun der Ligue hun, fir der Fédératioun géintiwer eng Haltung anzehuelen, déi kengesfalls dem kameradschaftleche Géscht entsprécht, wourop des opgebaut ass.

Läit 'villicht eng vun den Ursâchen doranner, datt vun zirka 1400 Memberen, déi an der LMIG organiséiert sin, der nëmmen 400 Enrôlés de Force sin? (D'Ligue bezuelt 400 x 5 Frang Johrescotisatioun un d'Fédératioun.) Eng logesch

...../2

Schlussfolgerung: Dese Grupp wir minoritär a misst sech onger den Enrôlés de Force géintiwer onfrëndlecher Tendenz ennerwerfen.

Géint den komerodschaftleche Gescht, dén teschend der LMMIG engersäits an dénen aneren fédéréierten Associatiounen anerersäits eng lâng Zäit prädominant war, verstéisst d'Ligue ganz secher, wann se Propaganda mecht mat dem viirsetzlechen Ziel, fir desen hir Memberen ewech ze hußlen.

Et ass onfair am Bülletin vun der Ligue d'Léschtungen an d'Verdengschter vum Fédératiounscomité systématesch ze ignoréieren Onfairness gouw dann och nach ganz évident dokumentéiert an engem Circulaire vun der Ligue, an dém et héscht:

> "..........Wann Verbesserungen (wéi z.B. am Gesetz vum 25.02.67) an der Frô vum Kiërperschuëd réaliséiert gi sin, dann nömmen durch d'Arbecht vumm LMMIG-Comité...."

Also nömmen d'Ligue hätt an dém Sënn geschafft! Wéi justifizéiert de Comité vun der Ligue des Behäptung vis-à-vis vun de Komeroden aus déne fédéréierten Centralcomitéen?

E weidere wichtege Ponkt wär ze klären: Ass de René Mantz an der Rentecommissioun nemmen den Vertriéder vun der LMMIG, oder ass hien och den Vertriéder vun allen Enrôlés de Force? Also och dén vun der Fédératioun, dén ébenfalls déi Komeroden vertrëtt, déi kéng Cotisatioun bei der LMMIG bezuëlen. Oder muss den Fédératiounscomité Démarchen ennerhuëlen, fir dat och all déi vill Enrôlés do vertruëde gin, déi net Member vun der Ligue sin?

Et gouw zu allen Zäiten an et gin och nach haut Bestriëwungen, fir d'Solidaritéit vun den Zwangsrekrutéierten ze zerstéieren an hir grouss Organisatioun ze sprengen. Kann et sin, dass an desem Sënn , gewollt oder ongewollt, vun bestëmmter Säit aus eisen égenen Reihen dém Virspann geléscht get?

Der Fédératioun, an nach méi esou senge Memberen stéht e schlecht un, sech ze bretzen, wann haut en etlech gewichteg Erfolleger ze verzéchne sin. Wât erréecht gouw, ass énzeg an eleng dem Zesummenstehen an -hâlen vun allen Enrôlés zouzeschreiwen.

Sollt des falsch sin, sollten d'Memberen vum LMMIG-Comit anerer Opfâssung sin, dann erwârden all déi aner Komeroden aus de Fédératiounscomité, dat d'Ligue sie net am onléßre léiest iwert hir Ménong. Et géiw dann héich Zäit, dass och dé lëschten Enrôlé de Force doriwer informéiert géiw gin.

De Fédératiounscomité ass fir klôr Fronten a fir Loyalitéit. Fir Intrigen ass keng Plâtz ennerhallew den Enrôlés de Forc Differenzen si méiglech. Fir si auszeraumen ass de béschte Wé der

Dialog. D'Vertriéder vun déne fédéréierten Associatiounen erwärden, dat de Comité vun der LNIG seng Kräft a säi Wiérken zum Gudden vun allen Nazi-Affer ausricht, an hofft an déne bèscht méiglechen Délais'en eng Entwert op dest Schreiwes zougestallt ze kréien.

Mat komeradschaftleche Gréiss,

fir den Fédératiounscomité,